



De Museksunterrecht zu Lëtzebuerg gëtt moderniséiert: Reform vum Solfège ab 2026

De Museksunterrecht ass e wichtege Pilier vum lëtzebuergeschen Educationssystem. Fir d'Inhalter an d'pedagogesch Approchen ze moderniséieren an un déi aktuell Entwécklungen unzepassen, gëtt eng Reform vum Museksunterrecht op de Wee bruecht, mat engem besonnesche Fokus op d'Branche vun der *Formation musicale* (FM), allgemeng Solfège genannt. Déi grouss Linne vun dëser Reform goufen den 19. Januar 2026 bei enger Pressekonferenz vum Minister fir Education, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der Micky Thein, Koordinatorin vum Aarbechtsgrupp, dee fir d'Reform vum Solfège zoustänneg ass, presentéiert.

Gréisseren Zougang zum Museksunterrecht

E groussen Deel vun de Musekskursen fir Jonker ënner 18 Joer gëtt säit dem Joer 2022 gratis ugebueden, wat zu enger reeller Demokratiséierung vum Zougang zum Museksunterrecht gefouert huet. Dës Measure huet et erméiglecht, déi bestoend Offer auszebauen a méi Kanner a Jonker un d'Léiere vu Musek, Danz a Sproochkonscht erunzeféieren – onofhängeg vun hirem sozio-ekonomeschen Hannergrond.

Sou konnt eng gréisser Zuel vu Schülerinnen a Schüler vun de ville Virdeeler vum Museksunterrecht profitéieren. Dozou zielen den Ausbau vu kognitiven an emotionale Fäegkeeten, d'Förderung vu Kreativitéit souwéi perséinleche Wuesstem an Entfaltung. D'Zuel vun de Schüler klëmmt kontinuéierlech: vun 19.644 am Joer 2022 op 22.650 am Joer 2026. Och de Kultursecteur profitéiert vun dëser Entwécklung, déi d'kënschtleresch Kreatioun fërdert, d'Beschäftegung an dësem Beräich stäerkt an zur Beräicherung vum lokale Kulturliewe bäidréit.

En neie Parcours ronderëm Stëmm a Beweegung

Fir nach besser op d'Bedierfnesser vun de Schüler an op d'Erwaardungen vun den Etablissementer anzegoen, entwéckelt sech de lëtzebuergesche Museksunterrecht weider. D'Inhalter an d'pedagogesch Approch gi moderniséiert a besser un déi aktuell Musekpraxis ugepasst. An deem Kontext gëtt d'Branche vun der *Formation musicale* (Solfège) grëndlech reforméiert. Dës Reform trëtt mat der Schoulentrée 2026/2027 a Kraaft.

De Solfège ass d'obligatorescht Fach vum Museksunterrecht. E wäert zukünfteg een *Tronc commun* vu fënnef Joer hunn (FM 1 bis FM 5), deen et de Schüler erméiglecht, hiren instrumental oder Gesang-Parcours bis op déi héichst Niveaue weiderzeféieren (*divisions moyenne, moyenne spécialisée a supérieure*). Eng zentral Roll wäerten dobäi zwee fundamental Léieraspekter spillen: d'Stëmm (de Gesang) an déi kierperlech Beweegung. Si ginn als privilegiéiert Elementer fir eng lieweg a sensesch Formatioun an der Musek consideréiert. Dës aktiv Approche wäert et erlaben, d'Musikalitéit vun de Schüler schonn an de fréie Phase vun hirem Parcours ze stäerken.

Den neie Formatiounsparcours, dee fënnef Joer dauert an ab dem Alter vu sechs Joer zougänglech ass, gouf vun der consultativer Programmkommissioun vum Museksunterricht am Laf vum Schouljoer 2024/2025 festgehalen. Op där Basis huet een Aarbechtsgrupp vun Enseignanten aus verschiddene Musekschoulen a Conservatoires den neie Léierprogramm fir de Solfège ausgeschafft. Dobäi hu si d’Ziel vun de Formatiounsjoren a vun der wéchentlecher Dauer vun de Coursë berücksichtegt.

Nei Outilen an eng verstärkte Begleedung fir d’Léierpersonal

Eng Neiheet am Kader vun der Reform ass d’Ausschaffe vun neie Léierbicher duerch de *Service de coordination de la recherche et de l’innovation pédagogiques et technologique* (SCRIPT) vum Ministère an Zesummenaarbecht mat Experten aus dem Museksunterricht. Dës Bicher ginn de Schüler vum Ministère gratis zur Verfügung gestallt.

Ausserdeem organiséiert den *Institut de formation de l’éducation nationale* (IFEN) ab Februar 2026 Presentatiounssessiounen vum neie Léierprogramm fir d’Enseignantë vun de Musekschoulen a Conservatoires. Weider Formatiounen, ënner anerem iwwert déi nei Bicher an iwwert *d’Technique vocale* bei Kanner a Jugendlecher am Kader vum Solfège-Cours, ginn den Enseignanten nach virum Akraafttriede vum neie Programm ugebueden.

Och eng Reform vun der Evaluatioun vun de Schüler an alle Fächer vum Museksunterricht

Iwwer d’Reform vum Solfège eraus ginn och d’Modalitéite vun der Bewäertung vun de Schüler am Museksunterricht ugepasst. Bis elo huet d’Evaluatioun op zwee Exame virun engem Jury baséiert. An Zukunft müssen d’Schüler nëmmen nach een Exame virun enger Jury ofleeën, deem seng Nott fir zwee Drëttel an d’Bewäertung afléisst. Een Drëttel vun der Nott baséiert op der kontinuëerlecher Evaluatioun vum Schüler am Laf vum ganze Joer. Dëst erméiglecht et, d’Aarbecht, déi de Schüler iwwer säi ganze Parcours geleescht huet, besser ze valoriséieren – iwwert déi reng Examen eraus.

Den neien „Tronc commun“ vum Solfège		
Niveau	Wéchentlech Coursen	
FM 1	1 x 60 Minutten	ab dem Alter vu 6 Joer vum Schüler
FM 2	1 x 60 Minutten	
FM 3	1 x 90 Minutten	
FM 4	1 x 120 Minutten	Certificat vun der <i>division inférieure</i> : Méiglechkeet, d’Etuden an der instrumental a Gesang-Formatioun bis zum Diplom vum 2. Zyklus weiderzeféieren (mindestens 8 Joer Cours)
FM 5	1 x 120 Minutten	Certificat vun der <i>division moyenne</i> : Méiglechkeet, d’Etuden an der instrumental a Gesang-Formatioun bis op déi héchsten Niveauen weiderzeféieren, wat den d’Diplomer vum 3. Zyklus, vum <i>1^{er} prix</i> an dem <i>Diplôme supérieur</i> entsprécht (mindestens 15 Joer Cours)

